LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°64 du 29 novembre 2023 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de l'échange de données entre le STATEC et l'OCDE**

Bis ewell gouf just een *Data Handling Agreement* tëschent dem STATEC an der OECD ofgeschloss. Deen ass gemaach ginn, fir déi praktesch Aspekter vun där Datentransmissioun an Dateveraarbechtung ze reegelen. Et ass also en ad-hoc Instrument, dat bis dato just an engem Fall benotzt ginn ass.

Deen *Data Handling Agreement* enthält Fuerderungen zu den Ziler vum Projet, zum Oflaf an den Eegenschafte vun der Dateveraarbechtung, zum Iwwermëttele vum Output an zu de Sécherheetsmoossname fir d'Späicheren an den Zougrëff op den Output.

Am Kader vun deem *Data Handling Agreement* huet de STATEC Resultater vun Analysen, also keng Daten um Niveau vun Betriber, iwwermëttelt. Et goufe Parametere vu Regressiounen an deskriptiv Statistikresultater geschéckt, déi streng no de primäre Confidentialitéitsreegele kontrolléiert gi sinn. Den *Data Handling Agreement* erméiglecht dem STATEC eng komplett Kontroll zu der Veréffentlechung vun de Resultater duerch d'OECD, et schéngt also ausgeschloss, dass et Problemer mat der secondairer Confidentialitéit gëtt.

Och wann d'Gesetz vum 10. Juli 2011, an deem d'Organisatioun vum nationale Statistikinstitut STATEC an seng Missioune festgehale sinn, net explizitt festhält wéini a wéi en *Data Handling Agreement* gemaach ka ginn, gesäit et vir, dass de STATEC d'Sécherheet vun den Date garantéiert.

Luxembourg, le 20/12/2023

Le Ministre de l'Économie,
des PME, de l'Énergie et du
Tourisme

(s.) Lex Delles